ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

Et kënnt eis zu Oueren, datt d'Umelle vun engem ëmgebauten Auto fir eng Persoun mat enger Behënnerung eng kompliztéiert Ugeleeënheet ass. Dat schéint ëm sou méi schwéier ze sinn, wann den Auto net zu Sandweiler, mee am SNCT-Betrib zu Maarnech ugemellt soll ginn. Anscheinend verweise Maarnech wéi och Sandweiler – bei groussen Aarbechten – un d'Kompetenz vun TÜV Rheinland-Pfalz zu Hamm. Mee och do ass den Ekippement esou, datt net all Aarbecht do ka gemaach ginn.

An engem konkrete Fall wor d'Resultat vun all deene Demarche, datt e Mënsch mat enger Behënnerung wochelaang ouni Auto war, well dee wärend der Prozedur jo blockéiert war, an datt déi Persoun sech net konnt deplacéieren, wéi si hätt missen oder wëllen. Dat läit sécher net um gudde Wëlle vun de Leit, déi op deene concernéierte Plaze schaffen, mee et ass éischter eng Fro vun der Organisatioun. An deem Kontext hätte mir dës Froen un den Här Mobilitéitsminister:

1. Ass et richteg, datt en ëmgebauten Auto net vu Sandweiler gekuckt an agreéiert gëtt, mee vum TÜV-Rheinlandpfalz?
2. Muss den Auto a gewësse Fäll esou guer an Däitschland gekuckt ginn? War dat an der Vergaangenheet schonn de Fall?
3. Sinn zu Lëtzebuerg nach ëmmer d'TÜV-Zertifikae relevant fir d'Konformitéit vu verbauten Autosdeeler sécher ze stellen?
4. Wéi wëll den Här Minister an Zukunft sécherstellen, datt, op mannst fir eng Persoun mat Behënnerung, déi all Dag op hiren Auto ugewisen ass, d'Prozedur méi séier gemaach gëtt, esou datt e Gefier net wochelaang blockéiert ass?
5. Ass garantéiert, datt déi nächst Kéier, wou genee dee nämmlechten Ëmbau mat deenen nämmlechten Autosdeeler, soll agreéiert ginn, manner Zäit verluer geet?
6. Wéi wëll den Här Minister sécherstellen, datt déi national Technesch Kontroll kee Gefier muss u Privatbetriber iwwerweisen?

Et geet jo duer, datt een aner Felgen um Auto huet, fir datt eng Agreatioun bei der SNCT néideg gëtt. An et héiert een, datt d'Zefriddenheet vun de Cliente generell fir de Volet Agreatioun bei der SNCT net ganz grouss ass.

7. Weess den Här Minister vu Reklamatioune vu Leit, déi änlech Problemer mat der SNCT haten?
8. Denkt den Här Minister eventuell un en Audit, fir d'Zesummespill tëscht den Kontrollstatioune vun der SNCT an den Oflaf vun de Weeër a Prozeduren bei der Agreatioun préiwen ze loossen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten